ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister, den Här Bausseminister an d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Vill Lëtzebuerger goufe vun den Iwwerschwemmunge vum 15. Juli haart getraff, och well se am Virfeld kengerlee Warnung vun offizieller Säit erhalen hunn. Änlech presentéiert d'Situatioun sech an Däitschland, wou awer notamment déi engleschsproocheg Presse drop hiweist, datt déi däitsch Regierung am Géigesaz zu eegenen Aussoen duerchaus gewarnt war. Och an der nationaler Presse weist de Zitt moien.lu a sengem Artikel "*Wien huet Schold um Desaster*?" drop hin, datt déi zoustänneg EU-Agence "European Flood Awareness System" (EFAS) scho vum 10. Juli un, Warnungen un déi zoustänneg national a regional Autoritéite weiderginn an dës reegelméisseg aktualiséiert huet. Doriwwer raus huet och e private Meteosservice hei am Land seng Abonenten am Virfeld noweislech, dozou opgeruff, sech ze preparéieren.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi eng Warnungen duerch ëffentlech Instanze si wärend dem ganzen Dag vum 15.7.2021 erausgaangen? Wien huet se erausginn? U wie waren se adresséiert? Iwwert wéi eng Kommunikatiounsmëttel- a Kanäl si se verdeelt ginn?
2) Ass am Virfeld oder den Dag selwer eng Warnung vun enger auslännescher Institutioun erakomm? Souwuel vun der uewen zitéierter EFAS, wéi och aneren?
3) Dee besoten Dag sinn iwwert de ganzen Dag, besonnesch am Nomëtte grouss Massen u Reen erofgaangen. Vu wéi enger Auerzäit un, war de Verantwortleche vum Wasserwirtschaftsamt, respektiv de groussherzogleche Rettungsdéngschter (CGDIS), respektiv anere staatlechen Acteure bewosst, datt et zu Iwwerschwemmunge géif kommen, wéi se nëmmen all 2 bis 10 Joer virkommen?
4) Sinn deen Dag, a wa jo, um wéi vill Auer, a wou a wéi vill, Persounen déi op gefärdete Plazen wunnen, och perséinlech gewarnt ginn? Sinn d'Leit op de gefärdete Plazen iwwer Lautsprecher vun de Rettungsdéngschter, oder anere staatlechen oder kommunalen Acteure gewarnt ginn?
5) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi wäit de Staat am Kader vun Onwiederwarnungen a Preparatioune mat privaten Acteure kooperéiert?
6) Iwwer wéi vill Wiedersatellitte verfüügt de Lëtzebuerger Staat aktuell? Iwwer wéi eng Konventioune mam Ausland verfüügt de Staat aktuell, fir auslännesch Wiedersatellitte matzebenotzen, respektiv op déi entspriechend Donnéeë kënnen zeréckzegräifen? Wéi eng Roll hunn dës Satellitten an der aktueller Krise gespillt a wéi eng Konsequenzen zitt d'Regierung doraus?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten